Jonglënster, de 26. Mee 2025

# 18. Reunioun – Rapport

**12. Mee 2025 – Centre Polyvalent „Gaston Stein“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun an un de Sportschäffe Gilles Baum

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 17. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Lënster Wibbelt

- Wärend de leschte Woche stoungen d'Presidentin an de Sekretär am enke Kontakt ma Service Communication vun der Gemeng, an haten an dëser Zäit och verschidde Calls zesummen.
- Am grousse ganze kann een ënnersträichen, dass d'Zesummenaarbecht ganz professionell ass an immens gutt klappt.
- De Sekretär huet eng „Recap Powerpoint" preparéiert. Esou ass dat ganzt Event vun A – Z an der Versammlung duerch geschwat ginn. Hei si nach verschidden Ännerungen an Input vun de Membere komm. Dës sinn ugepasst ginn.

## 5) Graffiti

- Leider ass eng Persoun aus der Organisatioun stënterlech operéiert ginn. An der leschter Versammlung ass decidéiert ginn, dass mir hier zesummen ee klenge Kaddo ze maachen.
- Bis elo ginn et nach keng weider Datumer op deem mir eis treffe fir weider ze molen. Et sinn awer nach mindestens zwee Nomëtteger néideg.
- An deenen nächsten Deeg wäert et heizou een Update ginn.

## 6) Seefekëschterennen

- Ee gemeinsame „Save the Date" ass zesumme geplangt an ass och vum Service Communication accordéiert ginn, fir dësen ze maachen.
- Eng Versammlung tëscht deene Responsabel vun Déifferdeng an eis, Presidentin a Sekretär, ass fir Donneschdes, den 22. Mee zu Jonglënster geplangt.

## 7) Paddle - Visite

- An der leschter Versammlung ass festgehale ginn, dass mir d'Visite vum Paddle um Enn vum Schouljoer wäerte maachen. Esou wäerte mir net nëmmen d'Infrastrukture visitéieren, mee och selwer eng Ronn spillen. Duerno wäerte mir dann alleguerten zesummen eng Versammlung ofhalen.
- Fir dëst ze maachen, huet de Sekretär per Mail, esou wéi d'Gemengereglement et virgesäit, den Accord beim Schäfferot fir dës „Auswäertsvisite" ugefrot. Hei hu mir ee positive Retour kritt. Merci dofir!
- An enger nächste Phase wäerte mir elo d'Stad Lëtzebuerg kontaktéieren.

## 8) Maskottchen

- Dëst Thema ass vun engem vun onsere Memberen an der Schoulkommissioun ugeschwat ginn. Dëst ass souwuel positiv, wéi och mat Bedenken opgeholl ginn.
- Et ass festgehale ginn, dass d'Schoulpresidentin dëst bei hirem Léierpersonal nofroen an de Bols fillen. Duerno kucke mir wat de Feedback vum Terrain ass.
- Et ass festgehale ginn, dass mir dëst zesumme mat de Responsabel vu Mini-Lënster wäerten ugoen.

## 9) Statuten ASBL

- Den Email vum Sekretär un alleguerten d'Sportveräiner betreffent dem neien ASBL Gesetz an der Upassung vun de Statuten, huet positive Feedback kritt.
- Déi lescht Woch war een interessanten Interview moies um RTL betreffent ASBL'en an hire Comitéen. Nom Lënster Wibbelt wäerte mir dat weider ugoen an eise Veräiner informéieren.

## 10) Laserschwert – Event

- Weider Detail zu dësem Event si geschwat ginn. D'Presidentin wäert hei de Kontakt mat de verschiddene Servicer vun der Gemeng fir d'Organisatioun maachen.
- Hei nach weider Informatioune déi nodréiglech zur Versammlung komm sinn:
  - Die Teilnehmer*innen am Workshop bezahlen einen Betrag von 30 €. Diesen Betrag spenden wir (abzüglich unserer Benzinkosten) an die Elterninitiative für krebskranke Kinder im Saarland e.V. Wer ein Schwert benötigt, kann sich eines von uns leihen gegen eine kleine Gebühr von 5€, welche der Instandhaltung und Reparatur der Schwerter dient. Wir können 20 Teilnehmer*innen mit Schwertern ausstatten. Jedes von den Teilnehmer*innen mitgebrachte (und von uns auf die Tauglichkeit geprüfte) Schwert erhöht letztlich die Anzahl der Teilnehmer*innen am Workshop. Neben den Schwertern limitiert natürlich auch die Größe der Räumlichkeit die Anzahl der Teilnehmer*innen. Diese trainieren mit Sparringspartnern. Sie brauchen ausreichend Platz, um sich paarweise so nebeneinander aufzustellen, dass sie sich mit den Schwertern beim Ausholen und Kämpfen nicht verletzen können. Die Trainingspaare benötigen Platz, um parallel auf und ab laufen zu können.
  - Das Mindestalter für die Teilnahme beträgt 12 Jahre (in Begleitung eines Erziehungsberechtigten). Jugendliche Teilnehmer*innen nehmen idealerweise bereits mit einem/einer Sparringspartner*in teil, da während des Workshops mit einem/einer Sparringspartner*in trainiert wird.
  - Der Workshop dauert i.d.R. fünf Stunden (wir starten immer um 13 Uhr bis 18 Uhr), wobei die Teilnehmer*innen bitte 20-30 Minuten vorher anwesend sein sollen, um die Verzichtserklärung noch auszufüllen.

## 11) **Nächst Datumer**

| **Datum** | **Auerzäit** | **Plaz** | **Beschreiwung** |
|---|---|---|---|
| 17.05.2025 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Wibbelt |
| 03.06.2025 | 19:30 | à déterminer | 19.Reunioun |
| 01.07.2025 | 19:30 | à déterminer | 20.Reunioun |
| 08.07.2025 | 19:30 | Stad Lëtzebuerg | 21.Reunioun |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 12) **Ënnerschrëften**

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär